

Den Oekozer Pafendall asbl sicht

EEN/ENG ËMWELTBERODER/IN

ÄR MISSION

- Berodung a Sensibiliséierung vu Veräiner, Gemengen an Entreprisen am Beräich vun nohaltegen Eventer
- Ënnerstëtzung vun der Equipe bei der Organisatioun vu Workshopen a bei der Kommunikatioun vun de Projeten
- Ënnerstëtzung vun der Ëmweltberodung ënner anerem bei Projeten an den Themeberäicher nohaltegen Tourismus, Green Events an Offfallvermeidung.

ÄRE PROFIL

- Minimum Bac +3 am Beräich Ëmweltwissenschaften oder a verwandte Beräicher
- Erfahrung am Beräich Kommunikatioun ass vu Virdeel
- Teamgeescht a Kontaktfreedegkeet
- Eegestännegkeet
- Engagement a groussen Interessi am Beräich vun der Ëmwelt an der Nohaltegkeet
- Gutt Kenntnisser am Lëtzebuergeschen, Däitschen a Franséischen

MIR BIDDEN

- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht an enger flotter a multidisziplinärer Equipe
- Kontakt an Austausch mat vill verschiddenen Ëmweltakteuren
- Méiglechkeet praxisbaséiert Kenntnisser an diversen Ëmweltthemen opzebauen an ze verdéiwen
- 32-40 Stonne pro Woch
- CDD vun engem Joer (mat Perspektiv op Verlängerung)

Schéckt Är Kandidatur mat CV a Motivatiounsbrëf bis den 22/01/2024 un

Oekozer Pafendall

6, rue Vauban

L-2663 Luxembourg

oder un oekozer@oeko.lu

Tel.: 43 90 30 40



oekozer
pafendall